N°550
Entrée le 28.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

D'Gesetz vum 6te Februar 2009 reegelt d'Aschoulung vun de Kanner am Enseignement fondamental hei zu Lëtzebuerg. Do steet am Artikel 18 Follgendes ze liesen: "*Chaque enfant habitant le Grand-Duché et âgé de trois ans révolus avant le 1er septembre peut fréquenter une classe d'éducation précoce dans une école de sa commune de résidence. L'admission se fait en principe au début de l'année scolaire sur demande écrite des parents adressée à l'administration communale avant le 1er avril. Le conseil communal peut également décider des admissions au début du deuxième et du troisième trimestre.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn a verschiddene Gemengen Ausname vum Artikel 18 gemaach?
   Wa jo, fir wéi vill Kanner goufen an de 5 leschte Joer Ausname gemaach?

2. Ass de Minister der Meenung, dass de strikten Datum vum 1te September nach ubruecht ass an net éischter misst evaluéiert ginn, op wat fir engem Entwécklungsniveau d'Kand ass?

3. Gëllt bei enger Admissioun fir dat zweet oder drëtt Trimester vum Schouljoer och den Datum vum 1te September?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 550 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

Wéi vum honorabelen Deputéierten erwäänt, gesäit den Artikel 18 vun *der Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* vir, datt d'Admissioun an de Cycle 1 précoce fir d'Kanner, déi virum 1. September vum entspriechende Joer 3 Joer kritt hunn, am Prinzip um  Ufank vum Schouljoer stattfënnt. An dësem Zesummenhang ass et och zu dësem Zäitpunkt, wou de Gros vun de Schüler am Cycle 1 précoce ufänkt.

Dat zitéiert Gesetz bitt de Gemengen an engem zweete Schrëtt allerdéngs och d'Méiglechkeet, eng Admissioun am zweete respektiv am drëtten Trimester unzebidden. Wéi an der *Lettre circulaire de printemps 2024* op der Säit 17 präziséiert, gëllt dës zweet an drëtt Rentrée fir déi Kanner, déi an der Tëschenzäit hir 3 Joer kritt hunn. Zousätzlech ginn et och Gemengen, déi et a vereenzelte Fäll erméiglechen, ee Kand am Laf vum Trimester an de Cycle 1 précoce anzeschreiwen, virausgesat, datt d'Kand zu dësem Zäitpunkt 3 Joer huet.

Den Tableau hei drënner weist d'Unzuel vun de Schüler, déi am Laf vun engem Trimester bedéngt duerch d'Erreeche vum 3. Liewensjoer nei an de Cycle 1 précoce ageschriwwe goufen esou wéi d'Gesamtzuel vun de Schüler, déi dat Joer am Cycle 1 précoce ageschriwwe waren.

| | ***Unzuel un Aschreiwungen*** | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Zäitpunkt vun der Aschreiwung** | **Schouljoer 2019/2020** | **Schouljoer 2020/2021** | **Schouljoer 2021/2022** | **Schouljoer 2022/2023** | **Schouljoer 2023/2024** **(en cours)** |
| Schüler, déi am Laf vum Trimester ageschriwwe goufen | 41 | 31 | 35 | 34 | 33 |
| **TOTAL** | **3.937** | **4.376** | **4.542** | **4.678** | **5.010** |

D'Recht op Bildung fir all Kand ab 3 Joer, dat mam Gesetz vun 2009 agefouert ginn ass, ass ee wichtege Schrëtt um Wee zu engem universellen a gratissen Zougang zur Bildung fir all Kanner ënner 4 Joer. D'Recht op Bildung ëmfaasst an dësem Kontext net nëmmen e Recht an eng ëffentlech Lëtzebuerger Grondschoul ze goen, mee och hei eng Bildung an Erzéiung ze kréien, déi de jeeweilege Besoinen a perséinlechen Dispositioune vum Kand Rechnung dréit.

Ee Kand vun 3 Joer, dat fir eng éischte Kéier an eng Klass vun der Éducation précoce kënnt, huet scho vill Erfarunge gemaach a seng éischt Sprooch(en) opgebaut. Trotz dëse wichtegen Entwécklungsschrëtter ginn et individuell Ënnerscheeder, déi op d'Liewensëmstänn (beispillsweis de

Milieu familial) an op individuell Eegenschaften (beispillsweis Interêten an Talenter) zeréckze féiere sinn. De Cycle 1 précoce erkennt a respektéiert d'Perséinlechkeet vun all Kand a schaaft ee Bildungsëmfeld a Léiermomenter, déi den Entwécklungsstand an den Entwécklungstempo vum Kand, senge Virkenntnesser, Bedierfnisser, Interêten an Talenter respektéieren.

Fir de Kanner den Iwwergang vum Kontext vun hirer Famill eriwwer an d'Schoul esou einfach wéi méiglech ze gestalten, bitt d'Organisatioun vum Cycle 1 précoce méi Flexibilitéit. Kleng Kanner brauche stabil Repèren, déi hinnen Organisatioun, Sécherheet a Vertraue ginn. Fir den Dagesoflaf an der Schoul besser un de Rhythmus vun de Kanner unzepassen, recommandéiert den Educatiounsministère de Gemengen, am Enseignement précoce eng flexibel Plage d'arrivée vun enger Stonn virzegesinn. Zousätzlech ass et am Cycle 1 précoce, well et sech ëm ee fakultatiivt Joer am Enseignement handelt, och méiglech, fir säi Kand net fir de kompletten Horaire scolaire anzeschreiwen, mee nëmme wärend bestëmmte Moies- respektiv Mëttesplagen. An dësem Zesummenhang recommandéiert den Educatiounsministère, fir datt d'Educatioun hir Friichte kann droen, ee Minimum vu véier Plagë pro Kand.

Och am Cycle 1 précoce ginn d'Kanner reegelméisseg evaluéiert. Dëst erlaabt et den Enseignanten, d'Aktivitéiten esou erauszewielen, datt d'Entwécklung vun de Kanner hire Kompetenzen ënnerstëtzt gëtt. D'Evaluatioune ginn och am Bilan vum Kand festgehalen, esou datt am Cycle 1 weider op dës kann opgebaut ginn. Grad a sou engem jonken Alter ass et enorm wichteg, fir déi ënnerschiddlech Kompetenzniveaue vun de Kanner ze erkennen, fir hinne jee no hire Besoinen déi entspriechend Ënnerstëtzung bidden ze kënnen.

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH